N° 66 | ABRËLL 2024

# Fëschber Gemengeblat



# Impressum


**Fëschber Gemengeblat**
Editioun Abrëll 2024

**Redaktioun**
Gemeng Fëschbech

**Kollaboratioun**
Angsber Schoul
Maison Relais
Crèche
Natur- & Geopark Mëllerdall
ORT Mëllerdall
D'Veräiner vun der Gemeng
De Schäfferot an
D'Gemeng Fëschbech

**Layout**
Gemeng Fëschbech

**Cover**
E Gréngspiecht vum
Jean-Claude SCHAEFFER

**Editeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Printing Ossa
Parc d'activités Syrdall
46, Rue Gabriel Lippmann
L-6947 Niederanven
www.ossa.lu

***Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Editioun matgeschafft huet.***

FSC
www.fsc.org
RECYCLE
Papier fait à partir de matériaux recyclés
FSC® C179465

PRINTED IN LUXEMBOURG

myclimate
Notre impact. Durable
Imprimerie
myclimate.org/01-24-328655



**GEMENG**

| | |
|---|---|
| Gemengerotssëtzungen | 4 |
| Matdeelungen | |
| Sportleréierung | 10 |
| Night Rider | 11 |
| How to walk your dog | 13 |
| Populatioun - État Civil 2023 | 14 |
| Opruff | 15 |
| Europawalen 2024 | 16 |
| Fermeture exceptionnelle 10 mai 2024 | |
| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng | |
| Gemengeniessen | 17 |
| Filmowend iwwert d'Bio-Baueren | 18 |

**NATUR & KLIMA**

| | |
|---|---|
| Bam fir déi Neigewielten | 19 |
| D'Schoulkanner planzen Uebstbeem | 20 |
| Grouss Botz | 24 |
| NaturPakt-Team vun der Gemeng Fëschbech | 26 |

**ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG**

| | |
|---|---|
| Galactica: Save the Date | 28 |
| Aktivitéiten an der Angsber Schoul | 29 |
| Aktivitéiten am Kuebenascht | 44 |
| Aktivitéite bei de Kueben | 46 |

**WAT WAR LASS?**

| | |
|---|---|
| Generalversammlung vun de Pompjeeën | 54 |
| Liesmoien | 55 |
| Theaterveräin | 56 |
| Liichtmëssdag | 57 |
| Kannerfuesbal | 58 |
| Mir ginn heeschen / Cavalcade | 59 |
| Buergbrennen | 60 |
| Opruff | 61 |
| Generalversammlung vun der Chorale | 62 |
| Kaffisstuff | 63 |
| Generalversammlung vun der ACFL | 64 |
| Mir gi klibberen | |
| Ouschtereersich | 65 |
| Kommioun | |

**GEBUERTSDAG**

| | |
|---|---|
| Gebuertsdag Charles Thilgen | 66 |


# Virwuert



Léif Awunner aus der Gemeng Fëschbech,

D'Gemeng Fëschbech huet Enn 2023 d'Basis-Zertifizéierung am Naturpakt erreecht. Innerhalb vun 10 Méint sinn etlech Moossnamen ëmgesat ginn, sou dass sech d'Gemeng vu 34 % op 43% konnt verbesseren an domadder d'Grenz vu 40% iwwerschratt huet. An dësem Joer envisagéiert eis Naturpaktteam fir weider Naturschutzmoossnamen ëmzesetzen an doduerch Bronze-Zertifizéierung (50%) ze erreechen.

Betreffend de Klimapakt 2.0, deen nach bis den 31. Dezember 2030 leeft, huet eist Klimateam lescht Joer sou vill Moossnamen ëmgesat, dass d'Gemeng am Ufank vun dësem Joer beim Audit de Sëlwer-Status erreecht huet mat iwwer 65%. Dës Joer huet de Staat de Moossnamekatalog liicht ugepasst an d'Zil an noer Zukunft ass et d'Gold-Zertifizéierung ze erhalen, déi bei 75% vun ëmgesate Moossname läit.

Doduerch dass d'Naturpakt- an d'Klimateam souvill Aarbecht geleescht hunn, profitéiert eis Gemeng vun zousätzleche staatleche Subventiounen. Merci deenen zwou Gruppe fir hiren Asaz.

A Lëtzebuerg hu mir de Privileeg, eng excellent Qualitéit vu Krunnewaasser ze genéissen. Duerch reegelméisseg Analysen a entspriechend der Weltgesondheetsorganisatioun hire festgeleuchte Krittären, gëtt en héije Standard betreffend Drénkwaasser garantéiert an den Ënnerhalt vum Drénkwaasserreseau a vun den Infrastrukturen ass essentiel. D'Campagne "Drëpsi" vum Waasserwirtschaftsamt belount d'Gemenge fir hir Beméiunge bezüglech d'Oprechterhale vun der Waasserqualitéit. An deem Kontext huet d'Gemeng Fëschbech am Februar 2024 de Label "Gold" erhalen.

Nodeems d'Gemeng schonn e Subside fir de Kaf vun engem Vëlo gëtt, ass ab dem 1. Januar 2024 en neit Gemengereglement betreffend finanziell Hëllef fir rational Notzung vun Energie am Wunnberäich a Kraaft getrueden. Nohalteg Bauen, energeetesch Renovéierung, Installatioun vun erneierbaren Energien, Reewaassersammlung, Entsuerge vum Masuttstank an de Kaf vun Haushaltsapparater mat wéinegem Verbrauch gi vun der Gemeng subventionéiert. D'Reglement, d'Demande sou wéi weider Detailer fann Dir op eisem Internetsite www.acfischbach.lu

Des Weidere wollt ech Iech matdeelen, dass elo all Awunner vum Night Rider profitéiere kann. Den Night Rider ass e Bus dee Freides a Samschdes vu 17.30 Auer bis Moies 5.00 Auer ob Bestellung fiert. D'Night-Kaart kritt Dir op der Gemeng fir de Präis vu 50 € (Persoune bis 26 Joer) respektiv 100€ (Persounen ab 27 Joer). Mat dëser Kaart hutt Dir 24 Gratistrajete pro Joer ze gutt, mat der Viraussetzung dass den Depart oder d'Arrivée an der Gemeng Fëschbech läit.

Déi nei zesummegestallte Kommissiounen hu schonn hir éischt méi kuerz oder laang Versammlung hannert sech. Am Numm vum Schäffen- a Gemengerot freeë mir eis fir mat iech kënnen zesummen ze schaffen. Ech wollt awer och vun der Geleeënheet profitéiere fir all deene Matbierger a Matbiergerinne Merci ze soen, déi fir déi verschidde Kommissioune kandidéiert haten. Dëst beweist dass vill Leit aktiv um Gemengeliewe wëllen deel huelen.

Zum Schluss e grousse Merci un déi fréier sou wéi déi aktuell Gemengenacteuren (Gemengerot, Gemengepersonal, Schoul- a Betreiungspersonal, Kommissiounen an allen Awunner) déi mat hirem Engagement eis Gemeng beräichert hunn/ beräicheren.

Net ze vergiessen, eis Veräiner, déi all Joer mat hiren traditionelle Manifestatiounen, eis Gemeng beliewen an zum Zesummeliewen an -komme bäidroen. Fir dat ze valoriséieren, huet de Gemengerot an hirer leschter Sëtzung e Subsidereglement fir eis Veräiner gestëmmt, ënnert de Konditiounen dass no der Generalversammlung den Aktivitéitsrapport an d'Lëscht vum Comité virgeluecht gëtt, eng ëffentlech Manifestatioun pro Joer organiséiert gëtt an dass op mannst 2 Membere bei den offizielle Festivitéite vum Nationalfeierdag a vun der grousser Botz deel huelen.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

*Laurent SCHILTZ*
*Schäffen*

# Gemengerotssëtzungen

A moins qu'il ne soit indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

Wann net anescht uginn, goufen déi verschidden Décisioune eestëmmeg geholl.

## Séance publique du conseil communal du 29 novembre 2023

Présents: BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, FERNANDES Isabel, DURRER Eric, JAWORSKI David, OLINGER Kevin et SIMON Marc - conseillers

Le conseil approuve des titres de recettes portant sur un montant de 668 334,94 €.

De Gemengerot geneemegt Einnamen an Héicht vu 668 334,94 €.

Le conseil ratifie les décisions du collège échevinal suivantes, dans le cadre du pacte climat, et portant sur :

- l'imposition d'un pourcentage de 10 % de surface non-scellée ou partiellement scellée pour les surfaces de circulation de personnes et de stationnement dans les nouvelles zones résidentielles ;
- le soutien des projets de jardinage urbain et d'agriculture urbaine exempts de pesticides, d'engrais chimiques et de tourbe ;
- la promotion de la gestion, de l'exploitation et de l'aménagement extensifs des surfaces privées et
- l'adoption du plan d'aménagement et de gestion des espaces verts publics dans l'intérêt de la protection de la biodiversité.

De Conseil hëlt follgend Decisioune vum Schäfferot am Kader vum Klimapakt u betreffend :

- d'Obligatioun vun engem Prozentsaz vun 10% vun net-versigelten oder deels versigelte Fläche fir de Persouneverkéier oder Parkplazen an neie Wunngebidder;
- d'Ënnerstëtzung vun urbane Gaart- a Landwirtschaftsprojetën, déi fräi vu Pestiziden, chemeschen Düngemëttel an Torf sinn;
- d'Fërderung vun der Verwaltung, Notzung an extensiver Gestaltung vu Privatflächen an
- d'Unhuele vum Plang fir d'Gestaltung an d'Bewirtschaftung vun ëffentleche Gréngflächen am Interessi a Schutz vun der Biodiversitéit.

Le conseil arrête provisoirement le compte administratif 2022 conformément au tableau récapitulatif :

De Conseil hält provisoresch den administrative Kont 2022 fest, esou wéi am zesummefaassenden Tableau festgehal:

| TABLEAU RÉCAPITULATIF | Sommes proposées par le collège |
|---|---|
| Boni du compte de 2020 | 3 203 821,09 |
| Recettes ordinaires | 5 576 108,73 |
| Recettes extraordinaires | 346 304,34 |
| Total des recettes | 9 126 234,16 |
| Mali du compte de 2020 | - |
| Dépenses ordinaires | 3 370 758,80 |
| Dépenses extraordinaires | 2 357 514,00 |
| Total des dépenses | 5 728 272,80 |
| Boni | 3 397 961,36 |
| Mali | - |





Le conseil arrête provisoirement le compte de gestion 2022 conformément au tableau récapitulatif :

De Conseil hält provisoresch de Verwaltungskont 2022 fest, esou wéi am zesummefaassenden Tableau festgehal:

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 5 576 108,73 € | 346 304,34 € |
| Total des dépenses | 3 370 758,80 € | 2 357 514,00 € |
| Boni propre à l'exercice | 2 205 349,93 € | - |
| Mali propre à l'exercice | - | 2 011 209,66 € |
| Boni du compte 2021 | 3 203 821,09 € | - |
| Mali du compte 2021 | - | - |
| Boni général | 5 409 171,02 € | - |
| Mali général | - | 2 011 209,66 € |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 2 011 209,66 € | + 2 011 209,66 € |
| Boni définitif | 3 397 961,36 € | - |
| Mali définitif | - | - |

Le conseil approuve la convention signée entre les communes de Mersch, Lintgen, Fischbach, Larochette, Lorentzweiler et Helperknapp ayant pour objet la coopération au niveau intercommunal afin de combiner leurs forces pour garantir un service agent municipal / garde champêtre (« Service de proximité »).

De Conseil heescht d'Konventioun gutt déi zwëscht de Gemenge Miersch, Lëntgen, Fëschbech, Fiels, Luerenzweiler an Helperknapp ënnerschriwwe gouf betreffend d'interkommunal Zesummenaarbecht fir de Service vum Pechert / Bannhidder ze garantéieren („Service de proximité").

Le conseil communal approuve la convention signée entre la commune de Fischbach et la société DK Promotion S.A. dans le cadre d'un projet de construction de 25 unités d'habitations sur des fonds inscrits au cadastre de la commune de Fischbach, section D de Schoos sous les numéros 64/897, 64/898, 64/899, 64/900, 64/601, 64/902, 64/903, 64/904 et 64/905.

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun zwëscht der Gemeng Fëschbech an der Societéit DK Promotion S.A. am Kader vun engem Bauprojet vu 25 Unitéiten op Terrain'en déi am Kadaster vun der Gemeng Fëschbech, Sektioun D vu Schous, ënnert de Nummere 64/897, 64/898, 64/899, 64/900, 64/601, 64/902, 64/903, 64/904 a 64/905 ageschriwwe sinn.

Le conseil approuve le contrat de prestation de service de transport de nuit « Night Card » signé avec la société de transport S.L.A. sa (Sales-Lentz) de Bascharage.

De Conseil approuvéiert den Déngschtleeschtungskontrakt betreffend den Nuetstransport „Night Card" mat der Transportfirma S.L.A. sa (Sales-Lentz) vu Kärjeng.

Le conseil approuve le morcellement des parcelles cadastrales inscrites au cadastre de la commune de Fischbach, section A de Fischbach sous les numéros :

- 386/1072 d'une superficie de 4a59ca ;
- 383/1359 d'une superficie de 3ha17a9ca.

De Conseil geneemegt d'Morcellement vu Kadasterparzellen déi am Kadaster vun der Gemeng Fëschbech, Sektioun A vu Fëschbech, ënnert follgenden Nummeren ageschriwwe sinn:

- 386/1072 mat enger Fläch vu 4a59ca ;
- 383/1359 mat enger Fläch vun 3ha17a9ca.

Le conseil décide d'adapter le montant de l'indemnité pour services rendus lors de manifestations publiques à 20€ par heure et personne.

De Conseil decidéiert fir den ze bezuelende Montant fir geleescht Servicer bei ëffentleche Veranstaltungen op 20€ d'Stonn pro Persoun ze adaptéieren.

Le conseil communal fixe le montant des jetons de présence pour les différents membres des commissions consultatives communales.

De Gemengerot huet de Montant fir d'Jetone vun de verschiddenene Memberen aus de berodende Kommissioune fixéiert.

GEMENG

# Séance publique du conseil communal du 13 décembre 2023

Présents: BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel (àpd point 5), SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, FERNANDES Isabel (àpd point 5), DURRER Eric, JAWORSKI David, OLINGER Kevin et SIMON Marc – conseillers

Excusés: MOURA Daniel, échevin et FERNANDES Isabel, conseillère (points 1-4)

Le conseil communal approuve les décomptes suivants :

- Remise en état du Jugendhaus «Al Molkerei»
  Total des devis approuvés : 130.000,00 €
  Total de la dépense effective : 96.956,50 €
- Acquisition d'une cisaille pour montage sur tracteur
  Total des devis approuvés : 25.000,00 €
  Total de la dépense effective : 23.001,69 €
- Acquisition de mobilier (Maison Relais)
  Total des devis approuvés : 15.000,00 €
  Total de la dépense effective : 7.586,28 €
- Acquisition d'une nouvelle voiture de service pour le service de régie
  Total des devis approuvés : 24.670,25 €
  Total de la dépense effective : 23.530,98 €

De Gemengerot geneemegt follgend Dekonten:

- Sanéierung vum Jugendhaus „Al Molkerei"
  Approuvéierten Devis: 130.000,00 €
  Effektiv Ausgab: 96.956,50 €
- Kaf vun enger Heckeschéier fir op den Trakter
  Approuvéierten Devis: 25.000,00 €
  Effektiv Ausgab: 23.001,69 €
- Kaf vu Miwwel (Maison Relais)
  Approuvéierten Devis: 15.000,00 €
  Effektiv Ausgab: 7.586,28 €
- Kaf vun engem neie Gefier fir de Service Regie
  Approuvéierten Devis: 24.670,25 €
  Effektiv Ausgab: 23.530,98 €



Le conseil approuve les devis suivants présentés par l'Administration des services techniques de l'agriculture pour :

- Travaux de remise en état de la voirie rurale au lieu-dit « Béchel » à Angelsberg au montant de 207.327,59 € htva ;
- Travaux de remise en état de la voirie rurale au lieu- dit « bei Johann » à Angelsberg au montant de 14.439,66 € htva ;
- Travaux de remise en état de la voirie rurale au lieu-dit « hinter dem Scheidchen » à Weyer au montant de 37.931,03 € htva.

De Conseil hëlt follgend Devisen un déi vun der Administration des services techniques de l'agriculture presentéiert goufe fir :

- Sanéierung vum Feldwee um « Béchel » fir 207.327,59 € htva ;
- Sanéierung vum Feldwee „bei Johann" zu Angelsbierg fir 14.439,66 € htva ;
- Sanéierung vum Feldwee „hinter dem Scheidchen" zu Weyer fir 37.931,03 € htva.

Le conseil ajoute une dérogation générale pour les associations locales ayant leur siège dans la commune de Fischbach dans le règlement communal du 25 juin 2002 concernant les nuits blanches et y ajoute aussi les fêtes et festivités suivantes :

- « Fuesfreideg »
- « Kiermessamschdeg »
- « Virowend vun Allerhellegen »

De Conseil erweidert d'Gemengereglement vum 25. Juni 2002 iwwert d'fräi Nuechten ëm eng generell Derogatioun fir d'lokal Veräiner mat Sëtz an der Gemeng Fëschbech a setzt och follgend Fester a Festivitéite bäi:

- « Fuesfreideg »
- « Kiermessamschdeg »
- « Virowend vun Allerhellegen »



Le conseil ratifie la charte d'achat durable de la Commune de Fischbach élaborée par la conseillère pacte climat en étroite collaboration avec l'échevin « pacte climat », Monsieur Lucien Brosius.

De Gemengerot ratifizéiert d'nohalteg Akafscharta déi vun der Klimapakt-Beroderin an Zesummenaarbecht mam Klima-Pakt-Schäffen, Lucien Brosius, ausgeschafft gouf.

Le conseil arrête le budget rectifié de l'exercice 2023 d'après le tableau récapitulatif suivant :

De Conseil hält de rektifizéierte Budget vum Exercice 2023 wéi um follgenden zesummefaassenden Tableau fest:

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 6 198 426,51 € | 3 067 145,22 € |
| Total des dépenses | 5 094 913,73 € | 6 292 053,51 € |
| Boni propre de l'exercice | 1 103 512,78 € | - |
| Mali propre de l'exercice | - | 3 224 908,29 € |
| Boni du compte 2022 | 3 397 961,36 € | - |
| Mali du compte 2022 | - | - |
| Boni général | 4 501 474,14 € | - |
| Mali général | - | 3 224 908,29 € |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 3 224 908,29 € | + 3 224 908,29 € |
| Boni présumé à fin 2023 | 1 276 565,85 € | - |
| Mali présumé à fin 2023 | - | - |

Le conseil communal arrête le budget de l'exercice 2024 d'après le tableau récapitulatif suivant :

De Gemengerot hält de Budget fir den Exercice 2024 wéi um follgenden zesummefaassenden Tableau fest:

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 6 372 583,31 € | 5 161 023,16 € |
| Total des dépenses | 6 191 860,73 € | 6 387 306,33 € |
| Boni propre de l'exercice | 180 722,588 € | - |
| Mali propre de l'exercice | - | 1 226 283,17 € |
| Boni du compte 2023 | 1 276 565,85 € | - |
| Mali du compte 2023 | - | - |
| Boni général | 1 457 288,43 € | - |
| Mali général | - | 1 226 283,17 € |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 1 226 283,17 € | + 1 226 283,17 € |
| Boni présumé à fin 2024 | 231 005,26 € | - |
| Mali présumé à fin 2024 | - | - |

Veuillez trouver le tableau des dépenses extraordinaires, les plus importantes, du budget 2024 à la page suivante.

Op der nächster Säit fannt Dir den Tableau mat de wichtegsten extraordinairen Ausgaben aus dem Budget 2024.

# Budget: Dépenses extraordinaires

| | |
|---|---|
| **Services généraux des administrations publiques** | |
| Rénovation de la mairie | 150 000,00 |
| Renouvellement de la Rue du Berger - études | 50 000,00 |
| Renouvellement de la Rue St. Nicolas à Fischbach - études | 70 000,00 |
| Urbanisme: Agencements et aménagements espaces verts Rue du Berger (FI) | 24 600,00 |
| Rénovation de la maison sise à Schoos, Rue de l'École (ancien bâtiment du Lokalveräin) | 100 000,00 |
| **Protection sociale** | |
| Réaménagement de l'aire de jeu avec acquisition de nouveaux jeux (Crèche et garderie) | 30 000,00 |
| **Affaires économiques** | |
| Acquisition de terre labourable | 30 000,00 |
| Renouvellement de la Rue du Berger - voirie rurale | 76 750,00 |
| Travaux aux chemins agricoles et ruraux | 301 250,00 |
| Acquisition de forêt | 20 000,00 |
| **Protection de l'environnement** | |
| Renouvellement de la Rue du Berger - réseau des eaux usées | 68 211,00 |
| Eaux usées: Syndicar SIDERO | 190 000,00 |
| Renouvellement de la Rue du Berger - réseau d'évacuation des eaux de surface | 200 000,00 |
| **Logements et équipements collectifs** | |
| Renouvellement du chauffage | 40 000,00 |
| Renouvellement de la rue du Berger - places publiques | 20 770,00 |
| Frais d'études et frais de recherche et de développement | 30 000,00 |
| Réaménagement de passage piétons - mise en conformité PMR | 55 000,00 |
| Réaménagement du parking "Rue du Moulin" à Fischbach | 200 000,00 |
| Acquisition de terrains (emprises) | 25 000,00 |
| Renouvellement de la Rue du Berger - voirie | 700 000,00 |
| Renouvellement de la Rue St. Nicolas - voirie | 20 000,00 |
| Aménagement d'un nouveau cimetière à urnes et d'un jardin de souvenir | 50 000,00 |
| Réfection du mur de soutènement au cimetière de Meysembourg | 37 500,00 |
| Constructions sur sol propre à usage propre: construction sur le site "op der Héicht" d'un hall pour les besoins de l'atelier communal | 117 000,00 |
| Acquisition/remplacement de machines et outillages | 40 000,00 |
| Acqusition d'un utilitiaire | 30 000,00 |
| Zones de protection des sources: mise en oeuvre des mesures | 46 000,00 |
| Source Daebicht: mise en conformité | 500 000,00 |
| Renouvellement de la rue du Berger - réseau d'eau potable | 71 885,00 |
| Remplacement du système de gestion électronique des installations d'eau potable | 75 000,00 |
| Renouvellement de la rue St. Nicolas - réseau d'eau potable | 140 000,00 |
| Renouvellement de la conduite de refoulement entre le réservoir d'eau potable « Schoos » et la source « Débicht » | 470 000,00 |
| Renouvellement de la rue du Berger - éclairage public et réseau | 200 000,00 |
| Acquisition de terrain(s) | 700 000,00 |
| **Santé** | |
| Droit d'admission prioritaire pour Maison de Séjour et de Soins | 30 000,00 |





| | |
|---|---|
| **Loisirs, culture et culte** | |
| Aménagement de terrains de loisirs, d'emplacements barbecue etc. | 100 000,00 |
| **Enseignement** | |
| Renouvellement des fenêtres et installation d'un avant-toit avec ombrière | 200 000,00 |
| Agrandissement de l'école fondamentale | 1 000 000,00 |

## Séance publique du conseil communal du 7 février 2024

Présents: BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent – échevins ;
FERNANDES Isabel, DURRER Eric, JAWORSKI David et SIMON Marc – conseillers

Excusés: BROSIUS-KOLBER Marianne et OLINGER Kevin

Le conseil communal approuve des titres de recette pour l'année budgétaire 2023 d'un montant total de 1 127 295,04€.

Le conseil fixe le tarif pour les prestations de service de tierces personnes à 50 € avec effet au 1er mars 2024.

Le conseil modifie le règlement-taxe concernant l'utilisation de la « Night Card ». (voir pags 10-12)

Le conseil approuve deux projets de morcellement dressés par l'Administration du Cadastre et de la Topographie en date du 12 décembre 2023 concernant :

- les parcelles cadastrales inscrites au cadastre de la commune de Fischbach, section A de Fischbach au lieu-dit « in der Hoh », sous les numéros 192/1416, 192/1417, 192/1418, 192/1419 et 192/1420, et
- une parcelle cadastrale 10/1421 inscrite au cadastre de la commune de Fischbach, section A de Fischbach au lieu-dit « rue St. Nicolas ».

Le conseil approuve un acte d'échange avec les frères Weis.

Le conseil approuve le contrat de travail à durée déterminée signé en date du 10 janvier 2024 avec Madame Sandra Vaessen ayant pour objet un remplacement dans le cadre de l'accompagnement dans le bus scolaire.

Le conseil approuve le devis concernant le réaménagement de la Rue St. Nicolas à Fischbach s'élevant à 380.000 €.

De Gemengerot approuvéiert Einnahmen an Héicht vun 1 127 295,04€ fir d'Budgetsjoer 2023.

De Conseil fixéiert de Tariff fir Servicer fir Drëttpersounen op 50€ d'Stonn an dëst ab dem 1. Mäerz 2024.

De Conseil modifizéiert d'Taxereglement betreffend d'Notzung vun der « Night Card ». (méi op de Säiten 10-12)

De Conseil heescht 2 Morcellements-projetën, déi vum Kadaster den 12. Dezember 2023 opgestallt goufen, gudd betreffend :

- d'Kadasterparzellen 192/1416, 192/1417, 192/1418, 192/1419 an 192/1420 ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Fëschbech, der Sektioun A vu Fëschbech („in der Hoh"), an
- eng Kadasterparzell 10/1421 ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Fëschbech, der Sektioun A vu Fëschbech („rue St. Nicolas").

De Conseil hëllt en Tauschakt mat de Bridder Weis un.

De Conseil hëllt e CDD un, deen den 10. Januar 2024 mat der Madamm Sandra Vaessen ënnerschriwwe gouf betreffend e Remplacement am Kader vun der Schoulbusbegleedung.

De Conseil approuvéiert en Devis betreffend de Réaménagement vun der Rue St. Nicolas zu Fëschbech an Héischt vun 380.000€.

GEMENG

Le conseil communal réitère l'avis émis en date du 8 décembre 2022 concernant le projet « 380 kV – Modernisierung der Hochspannungsinfrastruktur auf dem Teilabschnitt Bofferdange-Aach (D) sur le territoire des communes de Lorentzweiler, Steinsel, Niederanven, Junglinster, Fischbach, Bech, Biwer, Betzdorf, Manternach, Mertert et Rosport-Mompach ».

De Gemengerot u sengem Avis vum 8. Dezember 2022 fest betreffend de Projet « 380 kV – Modernisierung der Hochspannungsinfrastruktur auf dem Teilabschnitt Bofferdange-Aach (D) sur le territoire des communes de Lorentzweiler, Steinsel, Niederanven, Junglinster, Fischbach, Bech, Biwer, Betzdorf, Manternach, Mertert et Rosport-Mompach ».

# SPORTLERÉIERUNG MÉRITE SPORTIF 22/06/2024



**Un all eis Sportlerinnen a Sportler**

Mir wëllen um Virowend vun Nationalfeierdag Sportlerinnen a Sportler éieren, déi an enger oder méi Sportaarten aussergewéinlech Resultater virweise kënnen, an an der Gemeng Fëschbech wunnen.

Dofir biede mir Sie eist "Règlement relatif à l'octroi d'une récompense aux sportifs méritants" op der Homepage vun der Gemeng ze consultéieren an hir Resultater a Leeschtungen vun der leschter Saison bis spéitstens de 2. Juni 2024 schrëftlech op secretariat@acfischbach.lu matzedeelen.

Mat sportleche Gréiss,

De Schäfferot

**A tous/tes nos sportifs/ves**

A la veille de la fête nationale, nous voulons mettre à l'honneur les sportifs/ves qui peuvent montrer des résultats exceptionnels dans un ou plusieurs sports, et qui habitent la commune de Fischbach.

Ainsi, nous les invitons de consulter notre « Règlement relatif à l'octroi d'une récompense aux sportifs méritants » sur le site web communal et de communiquer leurs résultats et exploits de la saison passée en écrivant à secretariat@acfischbach.lu jusqu'au 2 juin 2024 au plus tard.

Avec nos salutations sportives,

Le collège échevinal


Need a ride?
We drive all night!*

* freitags und samstags von 17:30 bis 5:00 Uhr



Eine Initiative der
Gemeinde Fischbach




## WAS IST DER NIGHT RIDER?

Der Night Rider ist ein individueller Nachtbus ohne feste Haltestellen und ohne festen Fahrplan. Zuverlässig und sicher, ganz ohne Parkplatzsuche bringt der Night Rider Sie an den Ort Ihrer Wahl und wieder zurück nach Hause. Der Nachtbus verkehrt im gesamten Großherzogtum und funktioniert ausschließlich am Wochenende zwischen 17.30 Uhr abends und 5.00 Uhr morgens.

## DIE VORTEILE

**Die Online Buchung**

Sie können Ihre Night-Rider-Fahrt auf der Website ganz praktisch und einfach bis zu 60 Minuten vor der gewünschten Abholzeit buchen. Voraussetzung ist der Besitz von einer gültigen Night Card, einer Kreditkarte oder Digicash. Falls die gewünschte Abholzeit ausgebucht ist, schlägt das Buchungssystem Ihnen je nach Verfügbarkeit automatisch eine alternative Fahrtzeit vor.

**Die Abhol-SMS**

Verkehrs- oder Wetterlage können die Anfahrtszeit des Night Rider beeinflussen. Die Abfahrtszeit kann sich durch die Kombination mit anderen Fahrtwünschen um +/- 10 Minuten verschieben. Damit Sie immer genau wissen, wann Sie sich zum festgelegten Treffpunkt begeben sollen, erhalten Sie automatisch circa 10 Minuten vor der geplanten Ankunft Ihres Night Rider eine Abhol-SMS.

**Das Tarifmodell**

Der Preis einer Night-Rider-Buchung ist distanzabhängig - egal für wie viele Personen (max. 8) Sie den Dienst gebucht haben. Es wird stets die kürzeste Strecke berechnet, selbst wenn der Bus unterwegs andere Passagiere abholt oder absetzt.

Ganz nach dem Motto: Je mehr Personen eine Buchung beinhaltet, desto günstiger ist der Preis pro Person. Der Night Rider kann bis 2 Stunden vor der gebuchten Abholzeit kostenlos storniert werden.

Want to stay tuned? Like us on Facebook

## FÜR WEN IST DIE NIGHT CARD UND WO ERHALTEN SIE SIE?

**Alle Einwohner der Gemeinde Fischbach** können die Night Card auf dem Bürgeramt der Gemeinde erwerben.

## WAS KOSTET DIE FAHRT?

**Der Jahresbeitrag für Personen ab 27 Jahren ist 100 €. Personen bis 26 Jahre zahlen einen reduzierten Jahresbeitrag von 50 €.**

Zu jedem Night Rider Abonnement beteiligt sich die Gemeinde mit 24 Gratisfahrten (Hin- oder Rückfahrt) pro Jahr. Weitere Kosten werden von der Gemeinde verrechnet. Einzige Voraussetzung hierfür ist, dass entweder der Einstiegs- oder Zielort innerhalb der Gemeinde Fischbach liegt.

**Jede nicht beanspruchte oder nicht fristgerecht stornierte Fahrt** (mindestens 2 Stunden vor der bestätigten Abholzeit) **wird Ihnen von der Gemeinde weiter verrechnet.**

Denken Sie beim Einsteigen daran, dem Fahrer Ihre Night Card zu zeigen!

## KEIN INTERNET? KEIN PROBLEM!

Der Night Rider kann auch per Telefon unter der Buchungshotline 9007 10 10 (3 Cent/Min., montags bis donnerstags 08.00-18.00 Uhr, freitags und samstags 08.00-5.00 Uhr am darauffolgenden Tag) bestellt werden.

**Gemeinde Fischbach**
1, Rue de l'Église
L-7430 Fischbach
T. : (+352) 32 70 84 - 1

**Öffnungszeiten:**

| | |
|---|---|
| Montag | 08.30-11.30 / *14.00-16.00** |
| Dienstag | 08.30-11.30 / *14.00-16.00** |
| Mittwoch | 08.30-11.30 / *14.00-16.00** |
| Donnerstag | 08.30-11.30 / 14.00-18.00 |
| Freitag | 08.30-11.30 / *14.00-16.00** |

** nur mit Terminvereinbarung*

Weitere Informationen auf www.**acfischbach.lu** und auf **www.nightrider.lu**

night rider pick me up

**Mehr Infos?** www.nightrider.lu

Hotline 9007 1010 (3 cts/Min.)

night rider pick me up

03_2023

# HOW TO WALK YOUR DOG




## 1.



Hond un d'Lénkt: An den Uertschaften ass d'Lénkt obligatoresch!
Hund an die Leine: Innerorts ist die Leine Pflicht!
Tenez votre chien en laisse : En agglomération, la laisse est obligatoire !
Keep your dog on a leash: In urban areas, a leash is mandatory!

## 2.



Kee Multitasking: Et kënne geféierlech Situatiounen entstoen!
Kein Multitasking: Es könnten gefährliche Situationen entstehen!
Pas de multitâche : Des situations dangereuses pourraient survenir !
No multitasking: Dangerous situations could arise!

## 3.



Kontrolléiert Renconter: Net all Hond gëtt mat all Hond eens!
Kontrollierte Begegnung: Nicht jeder Hund verträgt sich mit jedem Hund!
Rencontres contrôlées : Tous les chiens ne s'entendent pas avec tous les chiens !
Controlled encounters: Not every dog gets along with every dog!

## 4.



Geschäft oprafen: Kee wëll an Ärem Mupp säi Geschäft tréppelen an och wann *am Moment* keng Kou an der Wiss ass: oprafen an entsuergen!
Geschäft aufheben: Niemand will ins Geschäft Ihres Hundes treten und auch wenn *momentan* keine Kuh auf der Wiese ist: aufheben und entsorgen!
Ramasser les crottes : Personne ne veut marcher dans les crottes de votre chien et même s'il n'y a pas de vache dans le pré *en ce moment* : ramassez et jetez !
Pick up the poop: Nobody wants to step in your dog's poop, and even if there aren't any cows in the meadow *at the moment*: pick it up and throw it away!

# Need a ride? We drive all night!*

* vendredi et samedi entre 17.30 et 5.00 heures



Une initiative de la **Commune de Fischbach**



## QU'EST-CE QUE LE NIGHT RIDER ?

Le Night Rider est un bus de nuit individuel sans itinéraire, ni arrêts fixes. En toute sécurité et de manière fiable, sans l'inconvénient de rechercher une place de stationnement, le Night Rider vous conduit à l'adresse de votre choix et vous ramène ensuite à votre domicile. Le bus de nuit circule dans tout le Grand-Duché et fonctionne exclusivement le weekend entre 17h30 et 05h00 le matin.

## LES AVANTAGES

### Réservation en ligne

Vous pouvez réserver votre transfert en ligne sur la page web jusqu'à 60 minutes avant l'heure de départ souhaitée à condition que vous possédiez une Night Card, une carte de crédit valide ou Digicash. Si l'heure de départ souhaitée n'est plus disponible, le système de réservation vous proposera automatiquement une heure alternative selon les disponibilités.

### SMS

Les conditions météorologiques ainsi que le trafic peuvent influencer le temps d'arrivée du Night Rider. En raison de la combinaison avec d'autres demandes, le départ du Night Rider peut varier de +/- 10 minutes. Afin de vous informer de l'arrivée de votre Night Rider, un sms vous est envoyé environ 10 minutes avant l'arrivée prévue pour que vous sachiez exactement quand il faudra vous rendre au lieu de départ

### Modèle tarifaire

Le prix d'une réservation dépend de la distance - quel que soit le nombre de personnes (max. 8 pers.) que contient la réservation. Le trajet direct et le plus court sert de base à la facturation, même si le chauffeur doit faire un détour pour prendre en charge ou déposer d'autres clients. Le tout selon le principe : plus votre réservation contient de personnes, plus le prix est avantageux par personne. Le Night Rider peut être annulé gratuitement jusqu'à deux heures avant l'heure de départ réservé.

Want to stay tuned? Like us on Facebook

## QUI PEUT OBTENIR LA NIGHT CARD ET OÙ PEUT-ON L'ACQUÉRIR ?

**Tous les habitants de la Commune de Fischbach** peuvent acquérir la Night Card auprès du bureau de la population de la commune.

## QUEL EST LE PRIX DU TRANSFERT ?

**Le prix de la cotisation annuelle pour personnes à partir de 27 ans est de 100 €.**
**Les personnes jusqu'à 26 ans paient une cotisation annuelle réduite de 50 €.**

Pour chaque abonnement Night Rider, la commune offre 24 trajets gratuits (aller ou retour) par an. Les frais supplémentaires sont facturés par la commune, à condition que le lieu de départ ou le lieu de destination soit situé sur le territoire de la Commune de Fischbach.

**Tout trajet commandé, non utilisé et non décommandé dans les délais** (min. 2 heures avant l'heure d'enlèvement confirmée), **vous sera refacturé par la commune au tarif complet.**

En montant dans le Night Rider, n'oubliez pas de montrer votre Night Card au chauffeur !

## PAS D'INTERNET ? PAS DE PROBLÈME !

Le Night Rider peut aussi être réservé par téléphone via la hotline 9007 10 10 (3 cents/min., du lundi au jeudi de 08h00 à 18h00, le vendredi et le samedi de 08h00 à 05h00 le lendemain).

**Commune de Fischbach**
1, Rue de l'Église
L-7430 Fischbach
T. : (+352) 32 70 84 - 1

**Heures d'ouverture:**

| | |
|---|---|
| Lundi | 08.30-11.30 / *14.00-16.00** |
| Mardi | 08.30-11.30 / *14.00-16.00** |
| Mercredi | 08.30-11.30 / *14.00-16.00** |
| Jeudi | 08.30-11.30 / 14.00-18.00 |
| Vendredi | 08.30-11.30 / *14.00-16.00** |

* *uniquement sur rendez-vous*

Plus d'informations sur **www.acfischbach.lu** et sur **www.nightrider.lu**

night rider pick me up

Plus d'informations ? www.nightrider.lu

Hotline 9007 1010 (3 cts/min.)

night rider pick me up

03_2023

# Populatioun - État Civil 2023




Gebuerten
Naissances
**10**

**1**
PACS
Partenariats

**7**
Stierffäll
Décès



**5**
Hochzäiten
Mariages



Awunner um 1.1.2024
Habitants au 1.1.2024

| | |
|---|---|
| Angelsberg | 499 |
| Fischbach | 424 |
| Koedange | 10 |
| Schiltzberg | 15 |
| Schoos | 339 |
| Stuppicht | 4 |
| Weyer | 12 |

Total
**1303**

Unzuel u Nationalitéiten
Nombre de nationalités
**40**

| | |
|---|---|
| albanaise | japonaise |
| algérienne | kosovare |
| allemande | libanaise |
| américaine | luxembourgeoise |
| autrichienne | maltaise |
| belge | marocaine |
| bosnienne | néerlandaise |
| brésilienne | pakistanaise |
| britannique | philippine |
| camerounaise | polonaise |
| cap-verdienne | portugaise |
| colombienne | russe |
| danoise | slovaque |
| espagnole | sud-africaine |
| française | syrienne |
| grecque | tchèque |
| hongroise | thaïlandaise |
| indienne | turque |
| irlandaise | ukrainienne |
| italienne | vietnamienne |





# D'Kommissioun fir d'Ënnerstetzung vu lokalen, fair gehandelten a biologesche Produiten

**Opruff u lokal Produzenten a Betriber aus der Gemeng Fëschbech**

Dir stellt Produiten hir oder verkaaft se (Liewensmëttel, Holz, ...), hutt e Betrib/eng Firma (Autosgarage, Daachdecker, Renovatioun, Immobilière, Botzfirma, Café...), respektiv sidd eegestänneg (Dokter, Veterinaire, Assureur, Grafiker,...) oder bitt Servicer un (Verloune vun Equipementer a Maschinnen, Soins, Hiewamm, Dagesmamm, Botzfra, ...) a wëllt dëst am Gemengebuet an um Internetsite vun der Gemeng Fëschbech publizéieren, fir d'Awunner aus der Gemeng op Iech opmierksam ze maachen, da fëllt de Formular hei ënnendrënner aus a schéckt en un d'Gemeng Fëschbech, 1, rue de l'Eglise L-7430 Fischbach, oder mailt Är Donnéeën u laurent.schiltz@acfischbach.lu

***Appel aux producteurs et entreprises locaux de la commune de Fischbach***

*Si vous créez ou vendez des produits (alimentation, bois, ...), avez une entreprise (garage automobile, couvreur, rénovation, immobilier, entreprise de nettoyage, café...), respectivement êtes indépendant (médecin, vétérinaire, assureur, graphiste, ... ) ou proposez des services (location de matériel et de machines, soins, sage-femme, assistant(e) parental(e), femme de ménage, ...) et souhaitez le publier dans le bulletin communal et sur le site internet de la commune de Fischbach, afin d'y attirer l'attention des habitants de la commune, veuillez remplir le formulaire ci-dessous et l'envoyer à l'Administration communale de Fischbach, 1, rue de l'Eglise L-7430 Fischbach, ou veuillez envoyer vos coordonnées par email à laurent.schiltz@acfischbach.lu*

Numm vum Produzent/Betrib:
*Nom du producteur/de l'entreprise:* ______________________

Wat fir ee Service/wéi eng Servicer bitt dir un:
*Service(s) proposé(s):* ______________________

Numm vun der Kontaktpersoun:
*Nom de la personne de contact:* ______________________

Telefonsnummer:
*Numéro de téléphone:* ______________________

E-Mail: ______________________

Adress(e)*: ______________________

* Falls Dir wëllt dass Är ganz Adress am Gemengebuet an um Internetsite veräffentlech gëtt, da fëllt déi ganz Adress aus. Falls net, da gitt just un, a wéi enger Uertschaft Äre Betrib/Service ze fannen ass. Demandë kënne wärend dem ganze Joer eragereecht ginn.

** Si vous souhaitez que votre adresse complète soit publiée au bulletin communal et sur le site internet, alors remplissez l'adresse complète. Sinon, veuillez indiquer seulement le village où se trouve votre entreprise/service. Les demandes peuvent être déposées tout au long de l'année.*

GEMENG

# Europawalen 2024



### Walbüroen

Eis zwee Walbüroe sinn am Centre Culturel "Op der Héicht" zu Schous. D'Awunner vu Fëschbech ginn an de Büro 1 an d'Awunner aus den Uertschaften Angelsbierg, Kéideng, Schiltzbierg, Schous, Stuppecht a Weyer ginn an de Büro 2 wielen.

### Wallokale

Unsere zwei Wallokale befinden sich im Kulturzentrum "Op der Héicht" in Schoos. Die Einwohner aus Fischbach wählen im Büro 1 und die Einwohner aus Angelsberg, Ködingen, Schiltzberg, Stuppicht und Weyer im Büro 2.

### Bureaux de vote

Nos deux bureaux de vote se trouvent au centre culturel "Op der Héicht" à Schoos. Les habitants de Fischbach votent au bureau 1 et les habitants d'Angelsberg, Koedange, Schiltzberg, Stuppicht et Weyer au bureau 2.

### Polling stations

Our two polling stations are located in the "Op der Héicht" cultural centre in Schoos. Residents of Fischbach vote at polling station 1 and residents of Angelsberg, Koedange, Schiltzberg, Stuppicht and Weyer at polling station 2.

### De Waldag

Spéitstens fënnef Deeg virum Walsonndeg kritt Dir eng Convocatioun mat allen néidegen Informatiounen zu Ärem Walbüro an den Ëffnungszäiten, e Muster vum Walziedel an den Instruktiounen zougeschéckt. Um Walsonndeg musst Dir tëschent 8 Auer moies an 2 Auer mëttes, mat Ärer Identitéitskaart a, wa méiglech, Ärer Convocatioun an Äre Walbüro goen.

### Der Tag der Wahl

Mindestens fünf Tage vor dem Wahltag wird Ihnen eine Einberufung mit den notwendigen Informationen über das Wahllokal und seine Öffnungszeiten, einem Muster des Wahlzettels und den Anleitungen zugesandt. Am Wahltag müssen Sie zwischen 8:00 und 14:00 Uhr mit Ihrem Personalausweis und, wenn möglich, der Einberufung in das Wahllokal gehen, welches auf Ihrer Einberufung angegeben ist.

### Le jour du scrutin

Au moins cinq jours avant le jour du scrutin, vous recevrez une convocation contenant les informations nécessaires sur le bureau de vote et ses heures d'ouverture, un modèle de bulletin de vote et des instructions. Le jour de l'élection, vous devez vous rendre au bureau de vote indiqué sur votre avis d'élection entre 8h00 et 14h00, muni de votre carte d'identité et, si possible, de la convocation aux élections.

### The day of the election

At least five days before polling day, you will be sent a notice with the necessary information about the polling station and its opening hours, a sample ballot paper and instructions. On election day, you must go to the polling station indicated on your notice of election between 8.00 am and 2.00 pm with your ID card and, if possible, the notice of election.

# Fermeture exceptionnelle

Freides, den 10. Mee 2024, sinn eis Büroe vun der Gemeng Fëschbech ausnahmsweis zou.

Am Freitag, den 10. Mai 2024, bleiben unsere Büros der Gemeindeverwaltung Fischbach ausnahmsweise geschlossen.

Le vendredi 10 mai 2024, nos bureaux de l'administration communale de Fischbach seront exceptionnellement fermés.

On Friday the 10th of May 2024, our offices at the municipal administration of Fischbach will be exceptionally closed.

# Gemengeniessen

**23.02.2024 SCHOUS**















# Filmowend iwwert d'Bio-baueren

**15.03.2024 SCHOUS**

De 15. Mäerz 2024 hat d'Kommissioun fir d'Ënnerstëtzung vu lokalen, fair gehandelten a biologesche Produiten op e Filmowend invitéiert. Am Film „Vu Buedem, Bauzen a Biobaueren" vum Tom Alesch geet et ëm Baueren a Wënzer, déi de Wee vun der Biolandwirtschaft ageschloen hunn an doduerch net nëmme gesond Liewensmëttel produzéieren, mee och d'Natur an d' Ressourcë schounen.

Nom Film stoung den Tom Kass (Biobauer vum Kass-Haff zu Rollingen), dee selwer am Film matgespillt huet, deene ronn 45 Spectateure Ried an Äntwert. Zum Ofschloss huet d'Kommissioun nach op e Patt invitéiert. Hei konnt een och Gadgeten a Broschüre mat weideren Informatiounen zu den Theme vum Film mathuelen.

Der Vereenegung fir Biolandwirtschaft Lëtzebuerg asbl e grousse Merci, dass si eis de Film zur Verfügung gestallt huet, a besonnesch dem Daniela Noesen fir d'Koordinatioun am Virfeld.

Lucie Mensen a Laurent Schiltz









# Bam fir déi Neigewielten

**24.02.2024 ANGELSBIERG**



De 24. Februar 2024 am Nomëtten haten d' Veräiner aus der Gemeng Fëschbech an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Fëschbech déi Neigewielten invitéiert fir hinnen e Bam ze setzen. An enger klenger Ried huet de Mike Daems am Numm vun de Veräiner dem ganze Conseil a besonnesch deenen Neigewielten eng glécklech Hand an hirer neier Missioun gewënscht. De Bam ass eng "Säulen-eiche" a steet zu Angelsbierg an der Schéisserstroos vis-à-vis vum Neigewielten-Bam 2017.

Déi Neigewielten hunn, no enger Ried vum Marianne Brosius-Kolber, als Ofschloss op e Patt an d'Angelsstuff invitéiert.








# D'Schoulkanner planzen Uebstbeem

**20.+27.03.2024 FËSCHBECH**

Den 20. Mäerz 2024 hunn d'Kanner mat hirem Léierpersonal aus der Angsber Schoul eis äifreg mat Spuet an Heel gehollef fir 12 nei Äppelbeem zu Fëschbech ze planzen. Dëst wor de Cycle 4.1 mat der Joffer Sarah Kolber déi sech där Saach bei beschte Planzwieder ugeholl hunn a si si souguer mam Vëlo bis bei eis komm fir beim Planze matzehëllefen. Nom ville Schaffe waren d'Kanner gutt hongreg a kruten nach e Stéck Kuch den d'Sarah eis gebak hat (gaaaanz éisseg) an eppes ze drénke fir sech nees ze stäerken.

Dësweideren hu mir de 27. Mäerz 2024 17 (!) Uebstbeem am Claude Trausch sengem Bongert zu Fëschbech mat Hëllef vun der Joffer Lara an hire Schoulkanner geplanzt. Dës Beem sinn duerch d'Drëschent futti gaange gewiescht respektiv d'Wuerzele vun de Mais futti gebass ginn.

Eise Schäfferot huet et sech net huele gelooss a wor och hëllefe komm fir déi Beem an de Buedem ze kréien.

D'Linda hat eis e leckere Kuch gebak dee jidderengem gutt geschmaacht huet!

D'Begeeschterung bei de Kanner wor grouss a si hu gutt matgeschafft. Mir soe villmools Merci fir d'Hëllef!

Wéi och schonn déi lescht Joren huet eis Gemeng e Budget vun 10.000 Euro fir 2024 gestëmmt fir Bongerteprojeten ze ënnerstëtzen. Dës Sue streckt d'Gemeng deemno vir an da ginn duerno 70-75 % Subside vum Staat iwwert déi Biologesch Statioun vum Natur- & Geopark Mëllerdall zeréckgefrot. De Rescht, also deemno déi aner 25-30 %, leet d'Gemeng bäi.

















# Wie wäre es, wenn Sie Ihr Renovierungsprojekt ganz einfach online simulieren könnten?






Entdecken Sie den neuen Renovierungssimulator von Klima-Agence und machen Sie Ihr Projekt zu einem Erfolg. Mit diesem intuitiven Tool können Sie die aktuelle Energieeffizienz Ihres Zuhauses visualisieren und das Potenzial für eine energetische Renovierung entdecken.

**Mit wenigen Klicks den Simulator kennenlernen**

Sie beginnen mit einer Simulation der Energieeffizienz Ihres derzeitigen Hauses. Geben Sie die verschiedenen Parameter ein, um die aktuelle Energiesituation Ihres Hauses zu definieren, z. B. Baujahr, Wohnfläche und Informationen über die aktuelle Dämmung. Identifizieren Sie anschließend Ihr Heizsystem sowie eventuelle technische Installationen, wie z. B. Solarmodule. Sie erhalten dann eine Simulation der aktuellen Energiesituation Ihres Zuhauses.

Testen Sie verschiedene Verbesserungen: Ersetzen Sie die Fenster, optimieren Sie die Dämmung oder tauschen Sie das Heizsystem aus. Beobachten Sie in Echtzeit, wie sich jede Änderung auf die Energie-, Wärme- und Umweltbilanz Ihres Hauses auswirkt. Probieren Sie verschiedene Lösungen mithilfe der Parameter aus oder finden Sie direkt die optimale Renovierung für Ihre Situation.

Behalten Sie den Überblick über Ihre Simulationen und Optimierungen, indem Sie Ihr Projekt herunterladen. Zusätzlich erhalten Sie einen QR-Code, der es Ihnen ermöglicht, jederzeit zu Ihrer Simulation zurückzukehren. Dies ist eine praktische Möglichkeit, Ihre Ideen mit Fachleuten zu teilen oder als Referenz für zukünftige Renovierungsprojekte zu speichern. Unser Simulator bietet Ihnen auch einen direkten Zugang zum Beihilfensimulator von Klima-Agence und zur Liste der zugelassenen professionellen Energieberater, um Ihr Projekt zu konkretisieren.

Erforschen Sie, experimentieren Sie und machen Sie Ihr Haus zu einem Modell für Energieeffizienz unter **renovieren.klima-agence.lu**! Haben Sie noch weitere Fragen? Vereinbaren Sie einen Termin mit einem Klima-Agence-Berater. Er steht Ihnen für eine Beratung zu Hause, eine Videokonferenz oder eine telefonische Beratung zur Verfügung.

*Es ist wichtig zu beachten, dass der Simulator eine nützliche Ressource zur Identifikation sinnvoller Renovierungsmaßnahmen darstellt, nicht aber den Energiepass sowie eine professionelle Projektkonkretisierung ersetzt.*

klima agence

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Unabhängige&kostenlose Beratung**
klima-agence.lu • 8002 11 90



# Et si vous pouviez simuler votre projet de rénovation facilement en ligne ?








Découvrez le nouveau simulateur de rénovation Klima-Agence et faites de votre projet un succès. Cet outil intuitif vous permet de visualiser l'efficacité énergétique actuelle de votre logement et de découvrir son potentiel de rénovation énergétique.

**Comprendre le simulateur en quelques clics**

Vous commencerez par une simulation de la situation énergétique actuelle de votre logement. Saisissez les différents paramètres tels que son année de construction, la surface habitable et les informations sur l'isolation actuelle. Puis identifiez le système de chauffage ainsi que les éventuelles installations techniques comme les panneaux solaires. Vous obtiendrez alors une simulation de la situation énergétique actuelle de votre logement.

Testez diverses améliorations : remplacement des fenêtres, optimisation de l'isolation ou encore remplacement du système de chauffage. Observez en temps réel comment chaque modification impacte la performance énergétique, thermique et environnementale de votre logement. Testez diverses solutions grâce aux paramètres ou trouvez directement la rénovation optimale pour votre situation.

Gardez une trace de vos simulations et optimisations en téléchargeant votre projet. De plus, vous recevrez un code QR qui vous permettra de revenir à tout moment à votre simulation. C'est un moyen pratique de partager vos idées avec des professionnels ou de conserver une référence pour vos futurs projets de rénovation. Notre simulateur vous offre également un accès direct au simulateur des aides Klima-Agence et à la liste des conseillers en énergie agréés pour concrétiser votre projet.

Explorez, expérimentez et faites de votre logement un modèle d'efficacité énergétique grâce à **renover.klima-agence.lu** ! Vous avez d'autres questions ? Prenez rendez-vous avec un conseiller Klima-Agence. Il est à votre disposition pour un conseil à domicile, une visioconférence ou un conseil téléphonique.

*Il est important de noter que le simulateur est une ressource utile pour identifier les mesures de rénovation pertinentes, mais qu'il ne remplace pas le passeport énergétique ni une concrétisation professionnelle du projet.*

klima agence

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Conseil indépendant et gratuit**
klima-agence.lu • 8002 11 90

# Grouss Botz

**30.03.2024**

Dëst Joer huet Natur Pakt Team an Zesummenaarbecht mat der Gemeng  Fëschbech op Ouschtersamschdeg déi grouss Botz organiséiert.

Ca 45 engagéiert Bierger hunn sech Zäit geholl fir den Dreck opzerafen dee leider nach ëmmer vun anere rücksichtslose Leit ewech geheit gëtt. Bei net ideale Wiederkonditioune sinn di verschidde Strecken ofgetréppelt a gebotzt ginn. De meeschten Dreck leit nach ëmmer laanscht d'Stroossen: Zigarettestëmp, Béchsen, Fläschen an e grousse Raddeckel vun engem Bus sinn opgeraf ginn. Op deene Plaze wou keng Autoe fuere leit quasi näischt méi, do gesäit en dass dem Spadséiergänger eng propper Natur wichteg ass.

Fir de Leit merci ze soen an eis ze stäerken, hu mir no der Botzaktioun an der Angelstuff eng gutt Bouchée giess an e Pättchen derbäi gedronk.

Kolber Roger











# NaturPakt-Team vun der Gemeng Fëschbech

Mir hate bis ewell zwou Versammlungen am Veräinshaus op der Héicht, fir eis iwwert déi weider Demarchen an Aktivitéiten auszetauschen. Den 18. Dezember 2023 war den *Audit vum Naturpakt* op der Gemeng Fëschbech. Déi aktiv Präsenz vun eise Membere bei der Presentatioun vum Rapport huet eis och nodréiglech vill positive Feedback bruecht. *Mat 43,96% huet d'Gemeng d'Basis-Zertifikatioun kritt*, an domat e Subside fir d'Joer 2024 an Héicht vu 54 520€ erschafft.

Merci all de Leit, déi sech am Kontext vum Naturpakt engagéiert hunn, an ëmmer nach engagéieren, fir eis Natur ze erhalen. Mat dësem Subside hu mir sécher och d'Méiglechkeet, e puer flott Aktiounen fir an an der Natur z'organiséieren.

Den 22. Februar 2024 war d'Gemeng Fëschbech duerch hir Memberen aus dem Klima- a Naturpakt zu Beefort an enger Informatiounsveranstaltung zum Thema *„Beleuchtung im öffentlichen Raum – naturnah und energiesparend"* gutt vertrueden. Et war ganz interessant ze héieren, wat fir Technologien et ginn, fir Liicht effektiv anzesetzen. En aktualiséiert Beliichtungskonzept vun der Gemeng soll e.a. och a nächster Zukunft an Ugrëff geholl ginn, dëst um Wee, fir op déi 50% Zertifizéierung am Naturpakt ze kommen.





NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech
40%

KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima
65%



Niewent dem éischter theoreeteschen Input huet sech d'Naturpaktteam och dozou engagéiert, fir e.a. d'Grouss Botz ze organiséieren.

D'Kanner aus der Angsber Schoul gi vum Schoulpersonal an a Kollaboratioun mam Projet *"Naturparken zu Lëtzebuerg – een Insektenräich"* zum Theema Insekte sensibiliséiert. An deem Kontext ginn och ugangs Juli 2024 ronderëm d'Angsber Schoul mat Hëllef vum Naturpaktteam insektefrëndlech Installatioune mat de Kanner zesumme gebaut an amenagéiert.

Op dëser Plaz nach emol e grousse Merci un d'Kanner, dem Schoulpersonal, dem Gemengepersonal, dem Maurice Schilling a senger Ekipp an all de Membere vum Naturpaktteam fir hiert virbildlecht Engagement!


Dan MOURA, NaturPakt-Schäffen

Den **12.06.2024** sidd dir häerzlech invitéiert, fir owes **um 19 Auer** an d'Angsber Schoul ze kommen, fir iech duerch eng **Expo zum Theema "Insekten"** féieren ze loossen.

Den Entrée ass fräi an dir huelt och sécher eppes mat virun. Et ass eng gutt Méiglechkeet, fir eng Gespréichsbasis mat de Kanner ze hunn, well si grad déi Zäit an der Schoul d'Theema Insekten uginn. D' Frënn vum Gaart fanne sécherlech och e puer interessant Informatiounen, fir een insektefrëndleche Gaart z'amenagéieren. E flotte Moment fir sech ronderëm een Theema auszetauschen an Neies gewuer ze ginn!




NATUR & KLIMA






# De Figurentheater Favoletta spillt "Das tapfere Schneiderlein" fir de Cycle 1

Méindes, de 4. Mäerz 2024 war d'Ekipp vun der Harzer Puppenbühne op Besuch an der Angsber Schoul fir de Kanner vum Cycle 1 d'Märche vum „Tapfere Schneiderlein" ze spillen. De Schleek Meme war natierlech och rëm matkomm an d'Kanner hu super nogelauschtert a matgemaach a ware ganz begeeschtert.













# E KLENGE KËSCHTEGAART AM CYCLE 1

Am September 2023 huet de Projet « Léieren am Gaart – Reseau Lëtzebuerg » eng Initiativ vum Service éducatif Kalendula vum CIGL-Esch een Opruff gestart fir Schoulen ze fannen, déi bei hirem Projet e Këschtgaart fir all Schoul willte matmaachen. Den C1 aus der Angsber Schoul huet sech gemellt a krut Material fir 15 kleng Këschten ze bauen an d'Schoul geliwwert. 2 Mëtteger hunn déi Kleng zesumme mat de Schüler aus dem 4.1 geschrauft, gehummert an zesummegebaut. No e puer weidere Stonnen Aarbecht ware 15 Këschte prett a konnte befëllt ginn. Elo no der Ouschtervakanz ginn se beplanzt, genat a versuergt.












| Angsber Schoul |

# Projet "Gesond Ernärung" am Cycle !

Am Cycle 1 huet sech no der Fuesvakanz alles ëm d'Thema „Gesond Ernärung" gedréint. Nieft engem flotten Atelier zu der Ernärungspyramid zesumme mat der Schoulinfirmière hunn d'Kanner och ee gesond Früstück zesummen an der Schoul giess, eng Uebstzalot gemaach a Gesiichter aus Uebst a Geméis geluecht.











ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG

# Thema Faarwen am Cycle 1

Am Cycle 1 huet sech wärend dräi Wochen alles ëm d'Thema Faarwe gedréint. D'Kanner duerften sech ëmmer an der Faarf vum Dag undoen, et goufe Geschichten zu de Faarwe gezielt an esouguer blo Paangecher gebak. Ei wat war dat schéi faarweg!











| Angsber Schoul |
















# VISITE DES POMPIERS




Vendredi 1er mars, les pompiers de Fischbach et de Larochette ont rendu visite au Cycle 3. Ils ont organisé trois ateliers. Nous avons appris à appeler les secours (112) : On a reçu des photos d'accidents et de situations d'urgence et on a dû décrire ce qu'on voit sur ces photos.

Les pompiers nous ont montré le camion fourgon-pompe. Ils nous ont expliqué le métier de pompier et nous avons grimpé sur le toit du camion.

Nous sommes aussi entrés dans l'ambulance. Les pompiers nous ont montré tout le matériel dont ils ont besoin.
Merci aux pompiers volontaires et professionnels de Fischbach et de Larochette pour ce chouette après-midi.

Maya, Rayan, Seloua et Zola













# Ausflug in das Euro Space Center Belgien

Sofort nach den Ferien fuhren das fünfte und das sechste Schuljahr schon sehr früh morgens in das Euro Space Center. Zuerst haben wir einen kurzen Film geguckt, bekamen einige Erklärungen und danach haben wir in Gruppen verschiedene Stationen besichtigt. Wir konnten zum Beispiel mit einer VR-Brille auf dem Mond den Start einer Rakete beobachten und das Gefühl erleben, wie es ist auf dem Mond zu gehen. Man war 7-mal leichter als auf der Erde und konnte ganz leicht hüpfen! Außerdem waren wir in einem kleinen 5-D Kino, in dem sich die Sitze bewegt haben. Insgesamt war es ein spannender und lehrreicher Ausflug, der zu schnell vorbei war.


Die Klassen aus dem dritten und vierten Schuljahr sind eine Woche nach uns in das Euro Space Center gestartet und hatten dort auch eine super Zeit.

Betty und Shari (Cycle 4.1)















# Mam Schlitt ënnerwee

**De Cycle 4.1 war den 19.01.2024 um Schlitt**

Mir waren all do, nëmmen ee Meedchen huet leider gefeelt. Dat hu mir all schued fonnt, mee et konnt een net änneren. Et hat och net jiddwereen een eegene Schlitt derbäi. Mee well mir eng gutt Klass sinn, wou een deem aneren hëlleft, hu verschidde Kanner, déi méi wéi ee Schlitt doheem haten, nach ee weider matbruecht, sou datt jidderee fuere konnt. Et war witzeg a flott, obwuel mir all gefall sinn a puer blo Plazen duerno haten. Mir hunn och all zesummen ee Renne gemaach. E puermol si mir mat de Jofferen oder mat anere Kanner gefuer. Ausserdeem si mir iwwert ee klengen Hiwwel gefuer, deen eis Schlitter zum Sprangen bruecht huet.

(Zum Gléck huet jiddereen iwwerlieft 😊 )



Lena an Elise, Cycle 4.1

















# OP DER ÄISPIST



















# ORIKA

## LCE (Lycée classique Echternach)

Am 10. Januar waren wir im LCE. Als wir angekommen sind, wurden wir sehr freundlich in einem großen Saal empfangen. Man hat uns über die Geschichte des Gymnasiums erzählt. Nach dem Empfang kam eine Dame die uns zu unserer ersten Aktivität führte. Wir haben in einer Werkstatt einen heißen Draht gebastelt. Danach hatten wir noch drei weitere Aktivitäten. Wir haben mit einer Professorin eine Deutschstunde gehabt, dann haben wir noch in Biologie eine Stunde gehabt wo wir durch ein Mikroskop Insekten untersucht haben. Im letzten Atelier haben wir mit einem Musiklehrer ein Lied gesungen. Das war sehr toll. Nachher sind wir essen gegangen. Das Essen war sehr gut und wir hatten eine große Auswahl. Am Tisch nebenan saßen die Kinder, die letztes Jahr auch in unserer Schule waren. Sie sind sehr froh mit dem Gymnasium sagten sie uns. Als wir fertig waren mit essen bekamen wir das Gymnasium gezeigt. Wir sind sehr begeistert vom Gymnasium und wir hatten einen tollen Tag.

Charel, Lars

## Lycée EIMAB

Als wir im Februar für den Orika dort am Lycée ankamen, wurden wir herein gelassen und bekamen im großen Saal viele Erklärungen von einem der Professoren, der in der Schulleitung des Lycées arbeitet. Wir konnten viele Fragen über das Gebäude und das Schulsystem stellen. Es war danach schon ziemlich spät weshalb wir sofort nach den Erklärungen in die Cafeteria gingen und essen wollten.
Danach ging es weiter mit den Aktivitäten. Im großen Saal haben wir Masken gebastelt und jeder sollte eine Europaflagge drauf malen. Im Sport haben wir 3 Gruppen gemacht und 3 Sportarten ausprobiert. Das hat Spaß gemacht! Im Chemieunterricht haben wir eine Lavalampe gemacht. Das war toll.

Noah

## Lycée Ermesinde Mersch

Am 31. Januar 2024 sind wir in den LEM (Lycée Ermesinde Mersch) gegangen. Wir wurden herzlich im schwarzen Saal begrüßt, der eher als Theater genutzt wird. Dort bekamen wir erklärt wie der LEM funktioniert. Nachher wurden wir von Schülern abgeholt die den LEM zeigen sollten. Mit denen gingen wir in die Kantine essen. Anders als die anderen Lycées hat der Ermesinde eine eigene Küche. Jedem hat es anders geschmeckt. Nachdem wir gegessen haben, haben die Schüler uns die Räume gezeigt. Es gibt verschiedene „Entreprisen" z.b. Fahrräder reparieren, backen, Musik machen und noch mehr. Es gibt sehr viele coole „Entreprisen". Nachher trafen wir uns wieder mit einer anderen Klasse und wir bekamen Flyer verteilt. Schließlich fuhren wir zurück in die Schule. Ich fand es schade, dass wir keine Aktivitäten gemacht haben wie bei den anderen Lycées.

Pit



## Orika in Junglinster

Als wir da ankamen wurden wir sofort von einer Frau von der Direktion Orika empfangen. Sie erklärte uns wie es im Lycée abläuft und was wir da machen werden. Danach gingen wir zu der ersten Aktivität wo wir mit Metall gearbeitet haben wir haben so einen Ständer gebaut wo man sein Handy, ein kleines Buch und noch weitere Sachen reinstellen kann. Dann sind wir in die Kantine essen gegangen. Es gab Steak mit Kartoffeln. Kurz danach kam die Frau wieder und wir teilten uns in zwei Gruppen. Die Einen haben aus Holz einen Stern geschliffen wo man danach in die Mitte eine Kerze stellen kann. In dem anderen haben wir Kahoot gemacht wo wir ein paar Fragen hatten über das Lycée, dafür konnten wir durch das ganze Lycée gehen. Als letztes sind wir zu ein paar Räumen, zur Sportshalle und ins Schwimmbad gegangen.

Charel, Dany, Noah

| Angsber Schoul |













# Wantermoien



Freides, den 22. Dezember 2023 war Wantermoien an der Angsber Schoul. A gemëschte Gruppe vu Précoce bis Cycle 4.2. hunn d'Kanner aus der Angsber Schoul flott Atelieren zum Thema Wanter gemaach. Et gouf gebastelt, gesongen, gespillt a gebak. Um Enn vum Moien hunn d'Kanner an d'Enseignanten sech all an der Salle Multi versammelt, fir dëse flotte Moie mat e puer schéine Lidder ofzeschléissen.













# Spillnomëtteg

Wann d'Wieder am Januar nach net dat bescht ass, bitt et sech un, seng fräi Zäit mat Spiller ze fëllen.
Virun enger ganzer Rei Joren ass d'Iddi bei der Elterevereenegung entstan, de Kanner an der Schoul d'Gesellschaftsspiller méi no ze bréngen, well si gemierkt hunn, dass vill Kanner doheem net méi gespillt hunn. D'Elterevereenegung ass un d'Léierpersonal erugetrueden, an aus der Iddi ass e flotte Projet gebuer. Säitdeem treffen sech Elteren a Kanner aus dem C2-C4 ee Mëtteg am Januar an der Angsber Schoul, fir zesumme Gesellschaftsspiller kennen ze léieren an ze spillen.
Dëst Joer hate mir esou e grousse Succès bei den Elteren, dass d'Léierpersonal och huet dierfe matspillen. Een décke MERCI duerfir, dass esou vill Leit sech gemellt haten, fir bei dësem flotten Nomëtteg dobäi ze sinn.











# Fuesent















# Vill flott Projeten an der Crèche "Am Kuebenascht"



Mir stellen Iech hei eisen aktuellste Projet mol vir. D'Kanner waren a ginn hei kreativ a kommunikativ gefuerdert.

Zesumme mat de Kanner aus dem Grupp Päiperleken hu mir eng flott Geschicht geschriwwen a gemoolt vir eise Kamishibai.







Mee wat ass iwwerhaapt ee Kamishibai?

Ee Kamishibai ass een Erzieltheater woumat eng Geschicht aus grousse Biller, op eng theatralesch Aart de Kanner virgedroe gëtt.









D'Thema vun eiser Geschicht, geet ëm de Paco Kueb aus der Crèche, dee vill mat de Kanner um Tour ass. Hien geet mat op d'Rees awer och op flott Evenementer oder Ausflich huet hie schonn konnte mat erliewen.

Hei op de Fotoe kënnt dir Iech een Androck maache wéi mir dat Etapp vir Etapp mat de Kanner erstallt hunn.











Spaass huet et all Kand gemaach a si waren immens op hir Geschicht gespaant.

Wéi si se vir d'Éischt vu vir bis hannen héieren a gesinn hunn, sinn hinne Mond an Aen opstoe bliwwen a sinn aus dem Staunen net méi rauskomm.

Och mir Erzéier sinn immens stolz op eis Butze wat si sou kléng schonn alles kënne leeschten.

Een décke Bravo un eis Kanner aus dem Kuebenascht!





# AM BËSCH

Säit Februar ginn mir all Donneschdeg an de Bësch „um Stappert". Nei Entdeckungen maachen, all d'Sënner waakreg këddelen, Verännerunge gesinn mam Wiessel vun de Joreszäiten, dëst a villes méi wëlle mir am Bësch erliewen.

Den éischten Nomëtteg hunn sech de Louis, d' Matilde, d' Marie an de Ben mat op de Wee an de Bësch gemaach.





Mat Lehm hunn d'Beem ee Gesicht kritt.

Duerch de Reen vun de läschten Wochen war de Buedem ideal fir eng Bulli-Rutschban. Eiiii wat dat rutscht.











Ausserdeem hunn mir getest wéi wäit mir laanscht Baach kommen. Och wann Stiwwelen mol hänke bliwwen sinn, huet dat eis d'Loscht net verduerwen.





Op enger fester Plaz haten d'Kanner d'Méiglechkeet ze schnëtzen. No enger kuerzer Uweisung ass et scho lassgaang. Wéi en Aascht léisst sech besser schnëtzen? Wéi leeën ech mech un fir d'Schuel vum Bengel ze kréien? Dëst hunn d'Kanner mat méi oder manner Hëllef dunn selwer ausgetest.



Fir den Honger an Duuscht war och beschtens gesuergt. Waarme Schocki huet de Bauch an déi kal Fanger gewiermt.

Fazit vum Mëtteg: Mir si knaschteg a frou an et war mat Sécherheet net déi läscht Kéier.

# FLUGHAFEN AUS LEGO

Dieses Projekt ist noch immer im Gange. Bis jetzt hat es einige Monate gedauert um diesen Flughafen zusammen zu bauen. Der Zweck des Ganzen: Wir wollen einen Flughafen für Kinder zum Spielen bauen.

Kurze Beschreibung der einzelnen Teile: Hangar mit Tower, ferngesteuerter Zug, drei Passagier-Flugzeuge, einen Jet, das Gebäude selber mit VIP-Lounge, Sicherheitsautos, Start und Landebahn.

Der Zug sollte ursprünglich in eine Stadt (die es leider nicht gibt) fahren, doch nun fährt er zu einer Haltestelle neben einem Restaurant. Zu den Sicherheitsautos gehören: ein Push-Back, ein Bus um die Fluggäste zu ihrem Flugzeug zu bringen, ein Feuerwehrauto, ein Kerosintanker und noch ein zusätzliches Sicherheitsauto.









| Maison Relais |













Hier einige Kommentare von denen, die diesen Flughafen gebaut haben:

Noah: „Mir hat es sehr, sehr gut gefallen und ich würde das auch sicher noch einmal bauen. Ich habe mir sehr viel Mühe gegeben damit ich und die Anderen Spaß an dem Projekt haben und, dass alles schön aussieht. Ich bin sehr stolz darauf, was aus dem Projekt geworden ist und ich hätte niemals gedacht, dass wir hier fürs „Gemengeblat" schreiben dürfen. Dieses Projekt ist eine 10/10."

Jago: „Ich mag unseren Flughafen und mit meinen Freunden hier dran zu arbeiten sehr. Ich würde es nicht als Set veröffentlichen, weil die Gebäude unstabil und farblich vermischt sind. Leider können wir das nicht verbessern, denn wir wollen keine Stücke von anderen Kindern klauen. Jedoch mag ich den Flughafen und will weiter an dem Projekt arbeiten."

# Experimenter mat Moltechniken





Bei dësem Projet goung et dorëms, de Kanner ‚Fräiraum' an hirer Kreativitéit ze loossen d.h. si molen ze loossen wat hinne wichteg ass.

Sie kruten d'Méiglechkeet verschidden Technike kennenzeléieren fir hiren Ausdrocksspektrum ze erweideren.

Dobäi koum an dësem Projet zum Beispill Ueleg an Pastellmolerei, Salzmolerei, Waasser an Guaschfaarwen, Drock-, Kraz, Fuedem , Rakel, Alufolientechnik souwéi Tape-Art zum Asaz.








| Maison Relais |












# Kleng Kueben
# Maison Relais Cycle 1

Am Sall « Kleng Kueben » hält sech de Cycle 1 aus der Maison Relais op.
En ass opgedeelt an 5 Ecker, déi verschidde Funktiounen hunn.

**Restaurant** – An der Mëttesstonn iessen d'Kanner aus dem Précoce a C1.1 hei. Sie kënnen sech selwer um kalen a waarme Bain-Marie d'Iessen huelen. Och um 16h gëtt hei zesumme mat de Kanner giess.







**Rollespilleck** – Am Rollespilleck hunn d'Kanner d'Méiglechkeet verschidde Charakteren oder Rollen nozeahmen. Momentan besteet dësen Eck aus enger Kichen mam selwergebautenem Pizzauewen, Iessdësch an enger Poppenstatioun mat Wéckeldësch an engem Kleederschaf.

**Bichereck** – Am Bichereck hunn d'Kanner d'Méiglechkeet sech zréckzezéien, Bicher ze kucke, ze raschten oder ze schlofen a mat hiren Frënn a Frëndinnen ze schwätzen. Am Bichereck stinn och 2 Poppenhaiser an een „Spigelhaus" an deem se mat verschiddenen Baustecker Saachen bauen kënnen.









**Mol- a Basteleck** – An dësem Eck fannen d'Kanner ganz vill Material, dat si sech selwer kënnen huele fir domat ze molen an ze bastelen. Am Regal huet och all Kand säi Portfolio stoen, dat et zu all Moment kann huele fir do dran ze molen oder d'Säiten dran ze verschéineren, oder einfach fir sech hiren Classeur unzekucken.









**Baueck** – Am Baueck kënnen d'Kanner mat de verschiddenen Materialie wéi Kapla, Lego Duplo, Becheren a Magnéiter Saache bauen. An engem Projet hunn d'Kanner selwer Stroossen gemoolt, déi och am Baueck rëmzefanne sinn. Un de Mauere fannen d'Kanner Fotoe vu richtege Bauwierker a Gebaier , awer och Saachen, déi si selwer eng Kéier gebaut hunn.

D'Material an deenen eenzelnen Ecker gëtt reegelméisseg ausgetosch a gewiesselt.
Virum Sall befënnt sech och een Dokumentatiounstuerm bei deem reegelméisseg Fotoe vun de Kanner aus dem C1 ausgehaange ginn.

# Generalversammlung

**AMICALE VUN DE POMJEEËN GEMENG FËSCHBECH** **13.01.2024 SCHOUS**

Den 13. Januar 2024 huet d'Amicale vun de Pompjeeën aus der Gemeng Fëschbech hir Generalversammlung am Pompjeesbau zu Schous ofgehalen. De President Luss Brosius konnt niewent ville Memberen och de Regionalpresident Constant Schwartz an de Schäffen Dan Moura begréissen.
Aus dem Aktivitéitsbericht goung ervir, datt niewent dem Organiséiere vum Kannerfuesbal an der Kiermesham 2023 nees vill fir déi 57 Membere gebuede gouf. Aus dem Bericht vun de Jugendpompjeeën ass ervirzehiewen, datt 5 Jugendlecher hiert sëlwer Leeschtungsofzeeche bestanen hunn. De Chef CIS huet alle Membere Merci gesot fir hiren Engagement bei den Übungen, Asätz a Formatiounen. Aus de Reie vun eise Jugendpompjeeë sinn d'lescht Joer 2 Membere bei déi operationell Pompjeeë bäikomm.
De Keesebericht huet 2023 mat engem klengen Defizit ofgeschloss. Zum Schluss krut de Roland Miny, dee wärend laange Jore sech em d'Kees vun der Mutuelle vun de Pompjeeën an eiser Gemeng bekëmmert huet, als Merci e Kaddo iwwerreecht.
No de Schlussriede vun den Éieregäscht huet de Comité d'Memberen an hir Partner an de Restaurant "Beim Méchel" op en Iessen invitéiert.









# Liesmoien

**APEF** **14.01.2024 SCHOUS**




De 14. Januar 2024 huet d'Elterevereenegung op hire Liesmoien op der Héicht invitéiert. Dëst Joer war d'Potty Lotty bei eis an huet eis d´Monsterfriess virgelies. D´Kanner esou wei d´Eltere ware ganz begeeschtert.

D´Librairie Zimmer vun Dikrech war dee Moien och mat engem flotte Bicherdësch vertrueden, wou ganz fläisseg Bicher kaaft goufen. Ee grousse Merci hinnen dass sie eis ee Buch geschenkt hunn wat mir dee Moie verloust hunn.

Well dëst bei de Kanner esou gutt ukomm ass, wäerte mir dru schaffe fir iech och am kommende Joer eng flott Liesung unzebidden.







# Theaterveräin

01.2024 **SCHOUS**

## Theater

Mam Stéck « Keng Plaz fir sou Tricken » konnt den Theaterveräin Enn Januar nees vill Leit begeeschteren!





## Chèque Iwwerreechung

Den Theaterveräin Fëschbech-Schous-Angsbreg huet 1500€ vun hirem Erléis vum leschte Joer un d'Asbl "Trauerwee" iwwerreecht.







# Liichtmëssdag

02.02.2024





Schous



Angelsbierg



Fëschbech

# Kannerfuesbal

**AMICALE VUN DE POMJEEËN GEMENG FËSCHBECH** **04.02.2024 SCHOUS**













# Mir ginn heeschen

**08.02.2024**



Schous



Fëschbech

# Cavalcade

**CDJ Angelsbierg** **11.02.2024 DIKRECH**



# Buergbrennen

17.-18.02.2024

Fëschbech



Angelsbierg



Buergbrennen ass een ale Lëtzebuerger Brauch, bei dem symbolesch de Wanter verbrannt gëtt. D'Buerg gëtt um Buergsonndeg gebrannt, den 1. Sonnden no der Fuesent. Déi Traditioun geet wäit bis an d'Mëttelalter zréck.

Gewéinlech sinn et lokal Veräiner, déi sech ëm d'Organisatioun vum Buergsonndeg këmmeren. Heifir gëtt ee Bam, oft a Form vun engem Kräiz, opgestallt a mat Stréi ëmwéckelt. Virum Buergbrenne geet de Veräin duerch d'Duerf Eeër a Speck ophiewen, fir d'Omlette dono. D'Buerg selwer gëtt oft traditionell vun där Koppel ugefaangen, déi sech als lescht bestuet huet oder als nächst bestuede wäert.

Le dimanche des Brandons est une tradition ancienne du Luxembourg, où l'hiver est symboliquement brûlé le premier lundi après le carnaval. La tradition remonte à l'époque médiévale.

Les associations locales sont habituellement responsables de l'organisation du dimanche des Brandons. Un arbre est érigé, souvent de la même façon qu'une croix, et enveloppé dans de la paille. Avant d'allumer les brandons, l'association se déplace dans le village pour récolter des œufs et du lardon pour confectionner l'omelette après l'événement. Dans la tradition, c'est le couple le plus récent marié ou celui qui se marie prochainement qui allume le brandon.



| Wat war lass? |

Schous





Der Burgsonntag ist eine alte Tradition in Luxemburg, wo am ersten Sonntag nach Karneval symbolisch der Winter verbrannt wird. Die Tradition reicht bis ins Mittelalter zurück.

Für die Organisation des Burgsonntags sind normalerweise die lokalen Vereine verantwortlich. Ein Baum wird aufgestellt, oft in Form eines Kreuzes, und mit Stroh umwickelt. Bevor die "Burgen" angezündet werden, zieht der Verein durchs Dorf und sammelt Eier und Speck für die Zubereitung des Omeletts nach der Veranstaltung. Traditionell zündet das zuletzt verheiratete Paar oder das Paar, das demnächst heiraten wird, die "Burg" an.

Brandon Festival is a long-standing tradition in Luxembourg, where Winter is symbolically burnt on the first Sunday in Lent. The tradition dates back to medieval times.

Local associations are usually responsible for organising the Brandon Festival. A tree is raised, often in the form of a cross, and wrapped in straw. Before lighting the bonfires, the association visits the village to collect eggs and bacon to make the omelette after the event. Traditionally, the bonfire is lit by the most recently married couple, or the one getting married soon.





# Opruff

**CHORALE FËSCHBECH-ANGELSBIERG-SCHOUS**

## Mir siche Verstäerkung fir eis Chorale

- **Séngs du gär?**
- **Bass du motivéiert a wëlls dech an denger Gemeng engagéieren?**

**Dann mell dech bei engem vun eise Comitésmemberen!**

**Mir freeën eis ob dech!**

# Generalversammlung

**CHORALE FËSCHBECH-ANGELSBIERG-SCHOUS** **01.03.2024 SCHOUS**

Den 1. Mäerz huet Chorale op hier Generalversammlung an de Veräinsbau op Schous invitéiert. De President Hubert Lanckohr huet de Buergermeeschter Lucien Brosius, de Paschtouer Felix Steichen an all Membere vun der Chorale begréisst.

De Sekretär René Huet huet d'Aktivitéite vun der Chorale virgedroen, déi net manner wéi 70 mol mat vill Engagement iwwert läscht Joer zesummen komm ass. De Keeserapport, deen ee positive Bilan opweist, ass vum Caissier Claude Malget virgedroe ginn. D'Keeserevisoren hun déi gudd gefouert Kees gelueft an hunn d'Memberen ëm Entlaaschtung gefrot.

Christiane Simon ass als neie Member vum Comité ugeholl ginn.

D'Dirigentin, Thea Kass-Origer, huet de Sängerinnen a Sänger Merci gesot fir hir Presencen an de Prouwen, an an de Massen an ass frou iwwert eng weider gutt Zesummenaarbecht. Als Merci fir hiren Asaz fir d'Chorale, huet de President der Dirigentin an dem John Daems é klenge Kaddo iwwerreecht.

De Buergermeeschter huet der Chorale weider déi voll Ënerstëtzung vun der Gemeng zougesot. Hien huet begréisst, dass Chorale nët nemmen Massen verschéinert, mee och hieren Beitrag bei den kulturellen an ëffentlechen Manifestatiounen vun der Gemeng leescht. De Paschtouer Felix Steichen huet der Chorale e grousse Luef an vill Unerkennung ausgesprach

D'Versammlung gouf mat engem gemeinsamen Iessen, mat der Chorale vu Rolleng ofgeschloss.

De Comité







# Kaffisstuff


**ACFL** **17.03.2024 SCHOUS**

D'Sektioun Fraen a Mammen ACFL aus eiser Gemeng Fëschbech haten de 17. Mäerz, wéi et Brauch ass, op d'Kaffisstuff invitéiert. Vill Leit haten de Wee op d'Héicht an d'Veräinshaus fonnt. Dat huet eis Freed gemaach. Esou konnte mir e puer gemittlech Stonnen zesumme verbrénge bei Kaffi a Kuch un Dëscher dekoréiert mat Leemfigure gebrannt vun der Madamm Denise Lahier.

Eise Besuch huet dann och dervu profitéiert fir deen een oder aneren Artikel vun eiser Handaarbecht ze kafen. Net ze vergiessen ass awer déi räichlech a schéin Tombola, all Louse si verkaaft ginn. Mir ënnerstëtzen d'Wunn- a Fleegeheem "Beim Goldknapp" ALA zu Ierpeldeng/Sauer.

De klenge Sall op der Héicht ass reservéiert, dënschdes vun 20:00 bis 22:00 Auer vun Oktober un! Wien Interessi huet u Bitzen, Strécken, Häkelen, Bastelen oder soss enger Handaarbecht ass häerzlech wëllkomm.









# Generalversammlung

**ACFL** **19.03.2024 SCHOUS**

D'Generalversammlung vun der Sektioun Fraen a Mammen aus der Gemeng Fëschbech gouf den 19. März ofgehalen. No der Begréissung duerch eis Presidentin Alice Trausch huet Théa Kugener op e Joer mat flotten Aktivitéiten zréckgekuckt. D'Keess, gefouert vum Marie-Josée Degraux, war kontrolléiert ginn an huet gestëmmt. D'Memberen aus dem Comité déi ausgetruede sinn, sinn och erëm gewielt ginn.

Den Här Buergermeeschter Lucien Brosius, dee mat de Schäffen Daniel Moura a Laurent Schiltz do war, huet d'Wuert ergraff an d'Aarbecht vun den Veräinsleit gelueft a Mutt gemaach. Duerno huet d'Madamm Lydie Diederich, Directrice vum Wunn-a Fleegeheem "Beim Goldknapp" ALA zu Ierpeldeng/Sauer an allen Eenzelheeten Erklärungen iwer d'Krankheet an d'Betreiung vun hire Patiente ginn. Een Don vun 3000 Euro huet si mat frouem Häerz an déckem Merci ugeholl.

Bei engem gudde Patt mat Gepoters ass et zum Ofschloss komm.





# Mir gi klibberen

**28.-30.03.2024**



Schous



Fëschbech





# Ouschtereersich

**APEF** **31.03.2024 ANGELSBIERG**

Um Ouschtersonnden, den 31.03 huet den Ouschterhues eng 280 Eeër an e gëllen Ee am Schoulhaff vun der Angsber Schoul verstoppt. Um 10 Auer ass fir eng 53 Kanner, de Start fir d'Ouschtereeërsich lass gaangen. Den Challenge war et dat gëllent Ee ze fannen, wat dann och no enger 15 Minutten de Fall war. De gléckleche Gewënner krut dunn ee schéine Präis. Och déi aner Kanner kruten all e Schockelashues a je no Cycle ë klenge Kaddo.



# Kommioun

**07.04.2024 FËSCHBECH**



# Mir gratuléieren



CHARLES THILGEN

Den 30, Mäerz 2024 haten de Buergermeeschter Luss Brosius an de Schäffen Dan Moura d'Freed eisem Éierebuergermeeschter Charel Thilgen fir säi 85te Gebuertsdag ze gratuléieren. An enger klenger Feierstonn zu Schous beim Charel doheem hu si eng flott Coupe iwwerreecht an iwwert déi al Zäit gepotert.

De Charel Thilgen gouf den 30. Mäerz 1939 als jéngste vun zwee Bridder zu Schous gebuer. D'Primärschoul huet de Charel zu Schous besicht. No engem kuerzen Openthalt an der Akerbauschoul ass et dunn iwwert d' Handwierkerschoul an den Technikum gaangen. No senger Ausbildung huet de Charel an de 60er Joren op der Post ugefaangen. De Charel ass Jonggesell a wunnt haut zu Schous an sengem Heemechtshaus.

An der Gemengepolitik huet de Charel den 1. Januar 1976 säin éischt Mandat als Buergermeeschter vun der Gemeng Fëschbech ugetrueden. Wéi mir alleguer wëssen, sollt et net bei engem Mandat bleiwen! Mat vill Begeeschterung huet hien eis e puer al Fotoen an en interessanten Artikel iwwert d' Feierlechkeete vun der Grand-Duchesse Charlotte hirem 80te Geburtsdag gewisen.

De Schäfferot wënscht dem Charel all Guddes, eng gutt Gesondheet a nach vill schéi Joren an eiser Gemeng.





**ADMINISTRATION COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Tous les matins de 08h30 à 11h30**
**et les jeudis aussi de 14h00 à 18h00**
**les autres midis: uniquement sur rendez-vous**
**Tél: 32 70 84 - 1**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

**COLLÈGE ÉCHEVINAL**
collège@acfischbach.lu
Bourgmestre: Luss BROSIUS 32 70 84 - 24
luss.brosius@acfischbach.lu
1. Échevin: Daniel MOURA
dan.moura@acfischbach.lu
2. Échevin: Laurent SCHILTZ
laurent.schiltz@acfischbach.lu

**SECRÉTARIAT COMMUNAL**
secretariat@acfischbach.lu
Viviane HEUSKIN 32 70 84 - 42
viviane.heuskin@acfischbach.lu
Daniel HOTTUA 32 70 84 - 20
daniel.hottua@acfischbach.lu

**BUREAU DE LA POPULATION**
population@acfischbach.lu
Jessica DURIEUX 32 70 84 - 26
jessica.durieux@acfischbach.lu
Serge HOFFMANN 32 70 84 - 21
serge.hoffmann@acfischbach.lu

**RECETTE COMMUNALE**
recette@acfischbach.lu
Michèle SCHOLTES 32 70 84 - 25
michele.scholtes@acfischbach.lu

**SERVICE TECHNIQUE**
technique@acfischbach.lu
Paul DECKER 32 70 84 - 28
paul.decker@acfischbach.lu
Marc LAUX 32 70 84 - 22
marc.laux@acfischbach.lu

**SERVICE FORESTIER**
Olivier MOLITOR 87 96 49
olivier.molitor@anf.etat.lu

Léif Leit,
wann dir Loscht hutt fir beim Gemengeblat een Artikel ze schreiwen, kënnt dir Iech bei eis mellen
*gemengeblat@acfischbach.lu.*

Léif Veräiner,
Mailt eis w.e.g. d'Fotoen a Berichter vun den Aktivitéite bis den 31/07/2024 op
*gemengeblat@acfischbach.lu.*

Mir géifen eis doriwwer freeën se an der nächster Editioun vun eisem Gemengeblat ze verëffentlech!

*Chers habitants, chères habitantes,*
*si vous désirez écrire un article pour le bulletin communal, n'hésitez pas à nous contacter gemengeblat@acfischbach.lu.*

*Chères associations,*
*Envoyez-nous svp vos rapports et photos de vos activités jusqu'au 31/07/2024 à gemengeblat@acfischbach.lu.*

*Nous serions ravis de les publier dans notre prochaine édition du bulletin communal!*

**COMMUNE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

www.acfischbach.lu

Naturpark Mëllerdall Geopark

KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech